LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Culture

**Äntwert vum Kulturminister Eric Thill op d'parlamentaresch Fro n° 44 vum 27. November 2023 vum Här Deputéierte Ben Polidori**

1. Nieft hirer Missioun als nationaalt Concertshaus, dat dem Lëtzebuerger Publikum an deem aus der Groussregioun déi beschte Museker, Musekerinnen an Orchesteren ubitt, gesäit d'Philharmonie sech och als Plaz, déi d'Leidenschaft vun der Musek vermëttelt, an dat op allen Niveauen. Dozou gehéieren och d'Fräizäitmuseker – Leit vun all Alter an all musikalescher Ausbildung, fir déi Musek spillen eng Passioun ass, ouni datt et hire Beruff ass. Dacks prouwen dës Harmonien, Fanfaren, Chéier oder Bands a Gemengesäll oder Garagen a spillen a Kierchen oder a lokale Kulturhaiser, ouni Aussiicht, eemol kënnen op esou prestigiéise Büne wéi déi vun der Place de l'Europe opzetrieden. Der Philharmonie leien dës Fräizäitmuseker/inne besonnesch um Häerz, well et op dësem Niveau ass, wou den Enthusiasmus an d'Passioun fir d'Musek als éischt gefërdert an encouragéiert ginn – dofir dës Initiativ vun engem *Fräiräim*-Festival. Doduerch, datt dës Museker/innen hei net nëmme Bünen, mee och déi ganz Begleedung vu Personal, Technik a Kommunikatioun zur Verfügung gestallt kréien, kréie si eng eemoleg Geleeënheet vun engem Abléck an déi international professionell Musekswelt. Déi bal 800 Museker/innen, déi bei der 1. Editioun 2022 matgemaach hunn an och e ganz anere Publikum matbruecht hunn, ginn dëser Approche Recht.

   Deemno grenzt sech dëst Evenement och fir seng zweet Oplo 2024 kloer vun deenen anere Concerten, Festivaller oder pedagogesche Manifestatiounen am Joresprogramm vun der Philharmonie of. Dat oppent Konzept vun dësem Festival gouf och esou am Appel formuléiert, mat deem all Museker/innen, Fanfaren, Harmonien, Schülerensembelen an Amateurgruppe ageluede ginn sech unzemellen a matzemaachen, ouni datt hei déi professionell oder semiprofessionell Museker/innen ausgeschloss ginn. D'Gratuitéit vun der Participatioun gouf am Appel, sou wéi an der Kommunikatioun ronderëm de Festival vu fir eran annoncéiert. Mat all Participant gëtt eng Participatiounskonventioun ofgeschloss, an där d'Konditiounen nach eemol opgefouert ginn. Vu datt et sech ëm e Festival fir Amateuren handelt, gëtt och an der Konventioun d'Gratuitéit vun der Participatioun vun de Museker/innen nach emol ënnerstrach.

2. Wéi schonn uewen ugedeit, besteet de Joresprogramm vun der Philharmonie virun allem aus Manifestatiounen, bei deene Professioneller aus dem Museks- a Kultursecteur engagéiert a remuneréiert ginn. Nieft dem *Fräiraim* Festival, kann een nach dräi Voleten ernimmen, bei deenen d'Philharmonie mat net-professionelle Museker/innen zesummeschafft, a wou keng Remuneratioun stattfënnt :
   - D'Philharmonie organiséiert a leet den "Orchestre de la Place de l'Europe" (OPE), dee sech exklusiv aus Fräizäitmuseker zesummesetzt fir déi Musek maachen net e Beruff, mee eng Passioun ass. D'Philharmonie gëtt hinnen d'Méiglechkeet zesummen als Orchester ze prouwen an ee bis zwee mol d'Joer Concerten an der Philharmonie an ausserhalb ze spillen. Den OPE steet an der Traditioun vun de "civic orchestras", déi et an all gréisser Stad uechter d'Welt gëtt. Am Géigesaz zu deene meeschten Orchesteren, verlaangt den OPE keng *frais de participation* vu senge Memberen.

- Déi participativ Projeten, déi zum Bildungsprogramm vun der Philharmonie gehéieren, ginn de Participanten d'Méiglechkeet sech wärend dëse Workshops weiderzebilden, mam Zil zum Schluss vum Projet op enger Bün opzetrieden.
- D'Philharmonie realiséiert och Kooperatiounsprojete mat de Conservatoirë vu Lëtzebuerg, bei deenen d'Conservatoiresschüler/innen d'Méiglechkeet kréien, zesumme mat de Museker/innen aus dem Luxembourg Philharmonic ze musizéieren, dëst besonnesch am Kader vum "Side by Side" Projet a bei Concerten, wéi dem järleche Chrëschtconcert.

Lëtzebuerg, den 20. Dezember 2023.

De Kulturminister

(s.) Eric Thill